
DEMOKRATESCH PARTEI

Conter Gemeng

# BLOEN DROT

JULI 2024



# EE JOER NO DE WALEN, WOU STEET D'CONTER GEMENG?

contern.dp.lu






Léif Bierger,

D'Wale léien ee gutt Joer zeréck. Zäit fir den éischte Bloen Drot vun der Sektioun DP Conter Gemeng. Mir werfen e kritescht Aen op d'Aarbecht an d'Aussoe vun der CSV-LSAP Majoritéit, stellen eis Fuerderunge zur Mobilité douce a maachen e Réckbléck op d'Europawalen.

## ENG PLAZ LUC FRIEDEN ZU CONTER

D'DP-Fraktioun stoung der Benennung vun enger Plaz zu Conter nom Premier Luc Frieden kritesch géigeniwwer. Mir hu betount, datt mir d'Persoun Luc Frieden an d'Aarbecht, déi hien als Premierminister leescht, respektéieren. Allerdéngs ass d'Benenne vu Plazen oder Stroossen der allgemenger Opfaassung no eng posthum Éier fir engem seng Verdéngschter ze wierdegen. Déi puer Stroossen oder Plazen am Land, déi de Numm vun engem nach liewege Politiker droen, kruten hiren Numm eréischt nom Enn vun der politescher Carrière. Doriwwer eraus ass d'Plaz net begréngt. Mir hoffen, datt de Schäfferot hei nach nobessert.

De Sujet gouf vun der Presse opgeholl, wat weist, datt et e kontroverst Thema ass. Et gi sécherlech méi wichteg Sujeten an der Gemeng, mä et ass ee mat grousser Signalkraaft.

## E RÉCKBLÉCK OP E LAANGE CHANTIER ZU CONTER

An engem rezenten Artikel am Lëtzebuerger Wort ass eis Buergermeeschtesch op de Chantier agaang, deen den Duerfzentrum vu Conter laang Zäit beherrscht huet. Eng Ausso huet eis am Artikel immens gestéiert. Et war dëst, datt de Chantier soulaang gedauert hätt, well een eng Vollspärung eise Geschäftsleit net zoumudde konnt. D'Positioun war virun de Walen nach eng aner. Do huet et geheescht, eng Vollspärung kéint een de Bierger







# D'FËRDERUNG VUN DER MOBILITÉ DOUCE AN EISER GEMENG

Schonn an eisem Walprogramm hu mir eis fir d'Fërderung vun der Mobilité douce an eiser Gemeng staark gemaach. Mir stelle fest, datt sech bis elo wéineg gedoen huet. Zwar si mir eis bewosst, datt verschidde Projeten nëmme vu staatlechen Instanzen ëmgesat kënne ginn, mir fuerderen awer méi Drock vu Säite vum Schäfferot an eenzelne Punkten. D'Verbindung vun eisen Uertschaften un d'nationaalt Vëlosnetz ass weiderhi katastrophal. Och bannent der Gemeng si vill Verbindungen inexistent, sief et zu Fouss oder mam Vëlo. Mir fuerderen e séiert Handele vun de Responsabelen an dësem Dossier, ouni déi zoustänneg Kommissioun bei der Abannung ze vergiessen. Des Weidere setze mir eis fir d'Aféierung vun engem Vëlo-Sharing-System an (z.B. vel'OH!) esou wéi fir Servicestatiounen an eisen Diefer. Och eng Bestandsopnam vum Zoustand vun den Trottoiren ass iwwerfälleg, och ausserhalb vun den Haaptstroossen. Mir froen eis doriwwer eraus, wou déi versprache Verbindung tëscht dem Henkeshaus an der Strooss an de Steng drun ass.

D'Mobilité douce géif awer och vun enger längst iwwerfälleger Erneierung vun de grousse Kräizungen zu Éiter a Mutfert profitéieren. Ee moderne Luuchtesystem esou wéi ee Iwwerschaffe vun der Spureféierung géif de Verkéier méi flësseg an d'Kräizunge méi sécher maachen. Hei misst de Schäfferot onbedéngt den Drock op déi national Autoritéiten erhéijen an Upassungen ëmsetzen, déi ënnert d'Gemengeresponsabilitéit falen.

# EUROPAWALEN 2024

Mat gemëschte Gefiller kucke mir op d'Walresultat vun den Europawalen. Leider muss een op europäeschem, wéi och op nationalem Niveau, e Rietsruck feststellen. D'DP muss op nationalem Niveau no engem immens staarke Resultat 2019 leider den zweete Sëtz un d'ADR ofdrécken. Mir felicitéieren dem Charles Goerens awer fir déi éischt Plaz ënnert alle Kandidaten an all deenen anere Kandidate vun der DP fir hiert gutt Resultat. Och bei eis an der Gemeng kënne mir e staarkt Resultat feststellen, wat iwwert dem nationale Wäert läit. Mat 22,6% méscht d'DP hei déi zweet Plaz.

net zoumudden. Nodeems d'DP Sektioun e puermol drop opmierksam gemaach huet, datt dës Geschäftsleit immens finanziell Aboussen duerch de Chantier hu missen astiechen, schéngt d'Positioun sech elo no de Wale geännert ze hunn.

Mir fannen dës Ausso bedauerlech wann ee bedéngt, datt eis Gemeng weider wiisst, an eis Dierfer och vun eise lokale Geschäftsleit liewen. Mir froen eis doriwwer eraus, wéisou dës Geschäftsleit net bei der Awéiung agebonne goufen. Dëst wier vläit e klengen Ausgläich gewiescht fir e Chantier, deen och zum Deel duerch Feelmanagement gepräägt war. Mir hoffen, déi gemaachte Feeler widderhuelen sech beim ustoende Chantier zu Mutfort net.



## NEIT GEMENGENHAUS

E weidere Sujet, deen an dësem Artikel opgegraff gouf, war dat neit Gemengenhaus. De Projet ass viru Kuerzem nei ausgeschriwwe ginn. Vu datt d'Oppositioun net vum Schäfferot informéiert gouf, kënne mir net aschätzen, ob d'Kënnegung vun der Zesummenaarbecht mam alen Architektebüro gerechtfäerdegt war oder net.

Mir stellen allerdéngs fest, datt heiduerch en neit Gemengenhaus Retard kritt. Duerch déi archeologesch Ausgruewunge wäert sech dëse weider verschlëmmeren.

Vun Ufank u sti mir engem Neibau méi wéi kritesch géigeniwwer. Mir hunn eis méi wéi eemol dofir staark gemaach, Alternativen zu engem Neibau vun der Gemeng zumindest ze préiwen an ze kucken, wat aus finanzieller, zäitlecher a plaztechnescher Siicht déi beschte Léisung wier. Dëst ass bis haut net geschitt, bezéiungsweis goufen dës Etuden ni verëffentlecht, falls et der sollte ginn. Esou wäert eis dëse Sujet wuel nach e puer Joer begleeden.



# EVENTER

## RÉCKBLÉCK MEEFEST

Den 12. Mee huet virun der aler Schoul zu Conter eist Meefest stattfonnt. Bei herrlechem Wieder ware mir frou, eis Gäscht ze begréissen, mat hinnen ee Maufel z'iessen an e Patt ze drénken a sech mat hinnen auszetauschen. Eis ass vill dru geleeën, am Austausch mat de Bierger ze bleiwen an eppes zum Duerfliewe bäizedroen.



## RÉCKBLÉCK ASSEMBLÉE GÉNÉRALE

De 14. Mäerz hu mir eis Assemblée Générale zu Méideng am Centre Culturel ofgehalen. Nieft engem Réckbléck op ee gutt gefëllte Super-Waljoer 2023 hu mir e Bléck op e weidert Waljoer 2024 gehäit. Donieft gouf en neie Comité gewielt. Och un der Spëtz gouf et ee Wiessel. No ville Joer als Präsident gëtt de Patrick Elsen d'Presidence un de Charel Muller weider. Den Eric Eifes bléift Trésorier an d'Sekretariat gëtt vum Mirko Mack iwwerholl. Mir soen op dëser Plaz dem Patrick nach eemol e grousse Merci fir säin Asaz déi lescht Joren a si frou, datt heen dem Comité erhale bleift.



## BRETONESCHEN OWEND 2024

Den 8. November wäert eisen traditionelle Bretoneschen Owend stattfannen. Markéiert Iech dësen Datum am Kalenner a verbréngt mat eis ee gemittlechen Owend mat bretonesche Spezialitéiten.








## Eise Comité

| | |
|---|---|
| President | Charel MULLER |
| Sekretär | Mirko MACK |
| Tresorier | Eric EIFES |
| Memberen | Rob AXMANN-REUTER |
| | Meho BAJRAMI |
| | Pia DIEDERICH |
| | Patrick ELSEN |
| | Cynthia GANSÄUER |
| | Claude GEIMER |
| | Arsène KIHM |
| | Marie-Anne KOLBACH |
| | Ernest PIRSCH |
| | Dali ZHU |

Elo Member ginn.

## EIS GEMENGECONSEILLEREN


Rob AXMANN-REUTER


Eric EIFES


Dali ZHU